

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, den 2. September 2020

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsministesch weiderzeleeden.

Op der ganzer Welt liewe ronn 7,7 Milliarde Mënschen. Am Fall, wou ee Medikament an/oder een Impfstoff géint de Coronavirus homologéiert géif ginn an op de Maart géif kommen, stellt sech natierlech uschléissend d'Fro vun der Produktioun an der Verdeelung vum genannte Medikament, respektiv, Impfstoff.

An dësem Kontext hätt ech folgend Froen un d'Madamm Gesondheetsministesch:

1. Ass am Hibleck op d'Produktioun a Verdeelung vun engem COVID-Impfstoff an/oder -Medikament bis dato schonn eng Prozedur an/oder Reegelung virgesinn, wéi dësen Impfstoff, respektiv, dëst Medikament, weltwäit ënnert d'Leit soll kommen?
2. Ginn am uewe genannte Fall méi Konsorten domat beoptraagt, de COVID-Impfstoff, respektiv, d'Medikament géint de COVID ze produzéieren an ze verdeelen?
3. Wéi gesäit an deem Kontext konkret d'Situatioun am Hibleck op Lëtzebuerg aus, wat d'Ausliwwere vun esou engem Medikament, respektiv, Impfstoff, géif ugoen?

Mat déiwem Respekt,



Jeff Engelen
Deputéierten